ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 12. Juli 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës **dréngend** parlamentaresch Fro un den Här Staatsminister, den Här Sportminister an un den Här Bausseminister ze stellen.

An engem Artikel am „L'essentiel" vum 12.07.21 wor ze liesen, datt den Här Sportminister net op d'Olympesch Spiller vun Tokyo wëll goen.

An dem Zësummenhank wéilte mir der Regierung dës Froe stellen:

1. Ass et richteg, datt den Här Sportminister net wëll op déi Olympesch Spiller vun Tokyo goen?
2. Ass et bis elo jee virkomm, datt e Sportminister déi Lëtzebuerger Equipe net op Olympesch Spiller begleet huet?
3. Geet en anere Minister mat op Tokyo fir SKA de Groussherzog a senger Eegenschaft als Staatschef (also net als Member vum IOC) ze begleeden?
4. Wéi gesäit déi japanesch Regierung dësen iwwerraschende Geste vum Här Sportminister? Ass et, trotz deene ganz schaarfen Anti-COVID-Sécherheetsmoossnamen déi Japan hëlt, ze vertrieden, datt den Här Minister seet „les grands événements sportifs (….) trompent les gens en leur faisant croire que tout va bien de nouveau » ? Ass dat net en Affront géintiwwer Japan?
5. Gëtt et eng Reaktioun vum Nationalen Olympesche Kommitee zu där Decisioun vum Här Sportminister?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

Jeff Engelen
Deputéierten